N°1499
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1499 vum 11. November 2024 vum honorabelen Deputéierte Meris Sehovic iwwert den Horaire vun de CFL-Zich**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert den Horaire vun de CFL-Zich.

Op Nofro huet d'CFL mir matgedeelt, dass si sech dëser Problematik effektiv bewosst ass. Éier d'CFL déi nei Fuerpläng vun der Busnavette Lëtzebuerg-Saarbrécken-Express ausschaffe kann, mussen der Deutsche Bahn (DB) hir Fuerpläng disponibel sinn. Dann eréischt kann déi betriblech Ëmsetzung gepréift ginn a schlussendlech d'Daten an de Reservatioun- a Verkaafssystem agespeist ginn.

D'Fuerpläng vun de Busser fir de Fuerplangwiessel am Dezember ginn ëmmer un d'Zich vum DB-Fernverkéier ugepasst, fir esou de Clienten*eën ëmmer déi bescht Zuchverbindungen ab Saarbrécken a Richtung Mëttel- a Süddäitschland an doriwwer eraus, kënnen unzebidden.

Ouni dës Fuerpläng kann d'CFL kee Verkaf opmaachen, well de Billjee un eng Reservatioun gekoppelt ass.

Dëst Joer krut d'CFL d'Fuerpläng vun der DB réischt de 16. Oktober iwwermëttelt. De Verkaf konnt also elo eréischt opgoen.

D'CFL ass och mat hiren däitschen Homologen*innen am Gaangen no Léisungen ze sichen, fir dass hir Fuerpläng der CFL scho ka virun der Publikatioun geliwwert ginn, an esou quasi zäitgläich de Verkaf kann opgemaach ginn.

Wat elo d'Rechter vun den Zuchpassagéier*innnen ubelaangt, esou ass d'CFL, am Fall wou ee Client*e, d'Billjeeë bei hinne kaf huet, och wann et zwee eenzel Kontrakter (Billjeeën) sinn, z.B. Lëtzebuerg-Saarbrécken, Saarbrécken-Mannheim, kulant an akzeptéiert dës als een eenzelen Transportkontrakt. D'Rechter vun de Passagéier*inne sinn also am Fall vun engem Retard vun engem reservéierten Zuch bei der Arrivée zu Saarbrécken, an dem Verpasse vum Uschloss op de Bus a Richtung Lëtzebuerg vollstänneg garantéiert.

Am Fall wou ee Client*e allerdéngs säi/seng Billjee(ë) bei enger anerer Eisebunnsgesellschaft wéi bei der CFL kaf huet, ka si déi, laut den allgemengen Transportkonditiounen am internationalen Zuchverkéier, net uwenden. Hei muss de Client*e sech dann effektiv un déi Eisebunnsgesellschaft wenden, wou hien d'Billjeeë kaf huet.

Et sief awer och ze bemierken, dass fir Billjeeën tëschent enger lëtzebuerger Gare an enger Gare aus der Groussregioun (an Däitschland sinn dat d'Saarland a Rheinland-Pfalz), d'Rechter vun de Passagéier*inne bei Verspéidungen net ugewant kënne ginn. Dat entsprécht dem Règlement grand-ducal vum 22. Mee 2023 iwwert d'Derogatioun vu bestëmmten Eisebunnsverkéiersdéngschter vun der Veruerdnung (EU) 2021/782 vum Europäesche Parlament a Rot vum 29. Abrëll 2021 iwwert d'Rechter a Flichte vun de Passagéier*innen am Eisebunnsverkéier an der Bestëmmung vun der fir d'Uwendung vun dëser Veruerdnung zoustänneger Verwaltung.

Fir d'Ubannung op der Streck Lëtzebuerg – Saarbrécken weider auszebauen huet mäi Ministère, zesumme mat eisen däitschen Homologen*innen, bei der Firma SMA eng „Etude de potentiel“ an Optrag ginn, wou d'CFL gefrot ginn ass fir matzeschaffen. Bei dëser konstruktiver Zesummenaarbecht kann d'CFL aktiv säin Knowhow mat abréngen. Zousätzlech passt d'CFL och ewéi uewe schonn ernimmt reegelméisseg bei Fuerplangännerungen am DB-Fernverkéier och hir Fuerpläng vun de Busser un.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes